

Lëtzebuerg, den 11. September 2020

REÇU
Par AM Christian, 08:57, 11/09/2020

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

« D'Coronakris huet dozou gefouert, dass dëst Joer vill Leit de Vëlo nei entdecken, mat der Konsequenz dass et a ville Vëlosbutteker zu Enkpäss komm ass an och nach ëmmer kënnt. Wéinst der héijer Demande kann dofir net jiddereen, dee wëll, en neie Vëlo kafen an vun der Regierung hirer Primm « Clever fueren » profitéieren, déi just bis den 31. Mäerz 2021 geet.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Fro stellen:

- Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass et ubruecht wier, d'Primm fir en neie Vëlo oder Pedelec iwwer den 31. Mäerz 2021 eraus weiderzeféieren fir dass jiddereen, dee wëll, vun där Primm profitéiere kann ? »*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu



Luxembourg, le 8 octobre 2020

REÇU
Par Alf Christian, 09:21, 08/10/2020

Service central de législation

Monsieur Marc Hansen

Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Question parlementaire n°2798 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°2798 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable



Carole Dieschbourg

Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°2798 vum 11. September 2020 vum éirewäerten Deputéierten Här Max Hahn iwwert d'Velosubventiounen

D'Primm fir ee neie Vëlo oder Pedelec huet rezent ee groussen Zousproch kannt. Sou goufen zanter Ufank 2019 méi wéi 23 000 Ufroen fir e Subside gestallt. Zweek Drëttel dovun goufen an de leschte 5 Méint eragereecht.

Encouragéiert duerch dësen Erfolleg, ass d'Regierung gewëllt déi finanziell Bähëllef an iwwer den 31. Mäerz 2021 eraus weiderzeféieren. Déi aktuell Héicht vum Subside, déi am Kader vum Programm "Neistart Lëtzebuerg" festgeluecht gouf, gëllt fir Vëloen a Pedelece déi tëschent dem 11. Mee 2020 an dem 31. Mäerz 2021 kaaft ginn (Datum vun der Rechnung gëllt). D'Modalitéite vun der Primm déi sech ab dem 1. Abrëll 2021 applizéieren ginn an de nächsten Méint ausgeschafft.